ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

**Groupe parlementaire**

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25. Mee 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Energie weiderzeleeden.

Et gëtt op der Spaweckssäit www.electricitymap.org eng Kaart op där ee ka verfollegen, wéi d'Energie vun engem Land an en anert im- respektiv exportéiert gëtt. Lëtzebuerg stellt seng Donnéeën aktuell net zur Verfügung. Dës Kaart ass vun enger franséisch-dänescher Firma geréiert a soll och dobäi hëllefen d'Kuelintensitéit, respektiv déi sougenannten Dreifhausgasintensitéit, pro verbrauchter Energieunitéit an engem Land ze visualiséieren.

An dem Kontext wollt ech dem Här Energieminister dës Froe stellen:

1. Kennt d'Regierung dës Kaart?
2. Ass si bereet fir hir Donnéeën zur Verfügung ze stellen, fir datt och d'Situatioun fir Lëtzebuerg dorop ka verfollegt ginn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten